



## **Pikes- Jugendkommissioun goes Chrëschtmoart**

*De 17. Dezember 2016 ass  
d'Jugendkommissioun mat  
engem Stand um  
Chrëschtmoart zu Réimech.*

*Vun 14.00 bis 21.00 Auer verkafe mir do Croque-Monsieur  
a Kürbiszopp, souwéi e waarme Pikes-Punch (mat an  
ouni Alkohol). Den Erléis vun dëser Aktioun kënn  
integral eiser Jugend zou.*

*Mir wäere frou, wann dir d'Pikes-Jugend géift  
ënnerstëtzen an deem Dag um Krëschtmoart bäi eis  
laanscht kéimt.*

*Während är Kanner e puer Ronnen op där flotter Äispist  
dréien, kënn dir jo bäi eis e klenge Maufel iessen oder  
Iech bäi engem Pikes-Punch e bëschen opwiermen.*



*D'Jugendkommissioun wënscht alle Memberen an hirer  
Famill elo scho ganz flott Feierdeeg an e gudde Rutsch.*